N°386
Entrée le 23.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 23.02.2024

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/02/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aarbecht, Ëffentlechen Déngscht & Bildung, Kanner a Jugend weiderzeleeden.**

Eng Schwangerschaft bedeit net nëmmen eng grouss kierperlech Verännerung fir d'zukünfteg Mam, mee och ënner Ëmstänn fir de berufflechen Alldag. Esou zum Beispill och am Enseignement, wou et d'Méiglechkeet gëtt, dass eng Dispens ausgeschwat gëtt. Hei ginn et awer wuel grouss Ënnerscheeder, wéi mir zougedroe gouf. Sou kann et sinn, dass eng Enseignante weider normal schaffe geet, wärend aner Enseignanten op eng administrativ Tâche gesat ginn oder esouguer ganz doheem bleiwen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wien huet alles d'Méiglechkeet, fir esou eng Dispens auszeschwätzen?
2. Sinn d'Reegelen, fir esou eng Dispens auszeschwätzen, am Privatsecteur an an der Fonction public déi selwecht?
3. Op wéi enge Krittäre baséierend gëtt eng Dispens ausgeschwat?

Mat déiwem Respekt,

POLIDORI Ben
Deputéierten

N°386
Entrée le 26.03.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, vum Minister fir d'Fonction publique, Serge Wilmes, a vum Aarbechtsminister, Georges Mischo, op d'parlamentaresch Fro Nr. 386 vum honorabelen Deputéierte Ben Polidori**

**Ad 1)**

Eng Dispens gëtt, an der Reegel, vum Employeur op Avis conforme vum Aarbechtsdokter ausgeschwat.

**Ad 2)**

Jo, d'Artikelen L.334-1 bis L.334-4 aus dem Code du travail, déi hei spillen, applizéieren sech esouwuel am Privatsecteur ewéi och an der Fonction publique.

**Ad 3)**

D'Ausschwätze vun enger Dispens baséiert op der Analys vum spezifeschen Aarbechtsëmfeld an awer och vum medezineschen Hannergrond vun dem Agent, fir esou zum Beispill ze verhënneren, datt déi zukënfteg Mamm an hiert ongebuerent Kand engem Risiko oder enger Gefor op der Aarbecht ausgesat gëtt.

Lëtzebuerg, de 26. Mäerz 2024

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH